Fondation EME

fluppdifipps Liddertexter

Fluppdimoien
(all zesummen hei) (Moien-Lidd)

1
Kuck emol, wien do ass
Kuck emol, wat lass ass
Lauschter ronderëm
Lauschter op deng Stëmm

2
Spiers du, datt s du gutt hei bass
Spiers du, wien däi Frënd hei ass
den Abléck schmaach op der Zong
och dat Friemt, schmaach et am Fong

3
Richs du all déi Frëndlechkeet
Richs du Trauer, richs du Freed
Fill dech einfach gutt derbäi
Fill dech ‘wéi de Fipps am Bräi

Fluppdimoien, Moien, Moien all zesummen hei

Glécksvigelcher (Gléckslidd)

1
Mir sinn iwwert dir, och wa keen eis gesäit
A wann dech e Pëtzen ‘mol am Häerz gehäit
Da streeë mir Glécksstëbs, ee Flillekeschlag
Well glécklech am Schlof, wie glécklech am Dag

2
Nuets kucke mer vun uew’n an d’Kummeren eran
A wann emol e Këndchen net gutt schlofe kann
E Flillekeschlag, de Glécksstëbs fält ‘rof
Well glécklech am Dag, wie glécklech geschlof

Spiers du däin Häerzchen, wou spréngt et dann hin?
Trampolin, Tambourin, Tambourin, Trampolin
Well glécklech sinn, kann esou einfach ginn
Trampolin, Tambourin, Tambourin, Trampolin

Fluppdifipps (D‘Lidd vum Fluppdifipps)

1
Fluppdifipps, et ass passéiert
Fluppdifipps, ‘t huet funktionéiert
Fluppdifipps, ‘t ass genial
Virdru war et mer nach kal

2
Fluppdifipps, net komplizéiert
Fluppdifipps, ganz ongenéiert
Fluppdifipps, ‘ch si geflasht
Virdru goung et mer nach schlecht

3
Fluppdifipps, ganz motivéiert
Fluppdifipps, bleif couragéiert
Fluppdifipps, ‘t ass enorm
Flupps, ‘lo sinn ech ‘rëm a Form

Véier Aen (D‘Lidd vum Traueregsinn)

Et sëtzt e Kand verstoppt hannert der Mauer
De Kapp ass vill ze schwéier, d’Häerz voll Trauer
An d’Kand, et kräischt där zéiflësseger Tréinen
’t versteet déi Stëmmen net, déi ëm et dréinen

O Kand, stéi op a stell dech virun d’Mauer
Looss et reenen, reen deng Tréineschauer
Weis mir deng Trauer, sech am Leed begéinen
Véier Ae kräische glécklech Tréinen

Well ech si frou (D‘Lidd vum Frousinn)

Si sprangen all op engem Been
well ech si frou, well ech si frou

Dir klappt an d’Hänn, schéi mateneen
well ech si frou, well ech si frou

Mir wackele mat Hänn a Féiss
well ech si frou, well ech si frou

Hatt tuppt sech batschdeg op d‘Geséiss
well ech si frou, well ech si frou

Hien dréit sech fluppdifipps am Krees
well ech si frou, well ech si frou

Du kënns vum Huppen an de Schwees
well ech si frou, well ech si frou

Ech schloen iech ‘lo d‘Kopplabunz
well ech si frou, well ech si frou

an ech sinn drunz, ‘lo sinn ech drunz
well ech si frou, well ech si frou

Zidder, Zadder (D‘Lidd vun der Angscht)

1
Zidder, Zadder, Didder, Dadder, ech hunn Angscht
Zickel, zackel, dickel, dackel, Angscht, géi laanscht
Dackel bei en aneren, ganz egal wou dee ka sënn
Zidder, Zadder, Didder, Dadder, ech hunn Angscht
Zickel, zackel, dickel, dackel, Angscht, géi laanscht

2
Hibbel, Habbel, Bibbel, Babbel, platt am Kapp
Himmel, Hammel, Bimmel, Bammel, Rapp a Klapp
Bammel op der ganzer Linn, vläicht misst et e Liddche sinn
Hibbel, Habbel, Bibbel, Babbel, platt am Kapp
Himmel, Hammel, Bimmel, Bammel, Rapp a Klapp

Moien Angscht, du bass ëmsoss bestëmmt net hei
Léif, léif Angscht, firwat elo a grad elei
Du bass en Deel vu mir, du hells mech op, du bleifs mer trei
Moien Angscht, du bass ëmsoss sécher net hei

Nondikass (D‘Lidd vun der Roserei)

Nondikass, Nondikass
Mäin T-Shirt ass zerrass
Nondidjëss, nondidjëss
De Roby klaut mer d’Nëss

Nondikass, nondikass
Den Tun huet mech gebass
Nondidjëss, nondidjëss
Ech schlo’n him eng an …

Nondikass, nondikass
Meng Ketten ass ‘rëm lass
Nondidjëss, nondidjëss
Ob s du mer se dru mëss

Nondikass, nondikass
Ech wier och gär ‘sou krass
Nondidjëss, nondidjëss
Wann s du mech ‘rëm vergëss

Nondikass, nondikass
Et facht a menger Klass
Nondidjëss, nondidjëss
An d’Joffer gëtt kammëss

Nondikass, nondikass
Ech héilt him gär de Bass
Nondidjëss, nondidjëss
Ech si rosen, gewëss

Rose sinn, rose ginn, rose muss een dierfe sinn
Looss et ‘raus, looss et sinn, rose bleiwe mécht kee Sënn

Eleng mam Heng (D‘Lidd vum Elengsinn)

Esou vill Leit si ronderëm
An awer sinn ech ganz eleng
Esou vill Stëmmen héi’ren ech
An awer lauscht’ren ech just mech

Esou vill Musek ass am Raum
An ech, ech héieren se kaum
Esou vill Biller iwwerall
An ech gesinn ‘rëm just den Dall

Esou vill Freede gi gedeelt
A mäi klengt Häerz bleift zougeneelt
Esou vill Léift gëtt do verspreet
Mee keen, dee Léiwes zu mir seet

Esou vill Chancen, ‘t ass gemeng
Mee ech, ech bleiwen haut eleng

Awer ech sinn net eleng
fluppdifipps, do ass den Heng
hie schwätzt mat mir an ech mat him
an nëmmen ech ka ganz eleng, den Heng gesinn

Fluppdiäddi a fluppdimerci (Äddi-Lidd)

Mir verloossen ‘lo e Raum
Deen eis huet gutt gedo’n
All déi Biller, Kläng an Dreem
Déi huele mir mat heem

Mir ginn ‘lo vuneneen
Mee trauereg ass keen
Well mir gesinn eis ‘rëm
Dat mécht d’Saach vill manner schlëmm

(A mir ruffen eis ganz frëndlech zou:
A klappe fest, gutt fest an d’Hänn)

Fluppdiäddi a fluppdimerci
Et war gutt mat iech, allez, bis geschwënn
Fluppdiäddi a fluppdimerci
Mir si frou, datt mir mat iech hunn dierfe sinn